

newsmag

N 283 | OKTOBER 2025

Zweesproochege Buet | Bulletin bilingue



Index

Eis Gemeng. Notre Commune.

Awunner-innen | Habitantes | 11.623

Gesamtfläch | Superficie | 771 Ha

Personal | Personnel | 283

Fraen | Femmes | 156

Männer | Hommes | 127



Éditeur responsable

Gemeng Schëffleng



Rédaction

Service des citoyens et de la communication



Images et Illustrations

SCC, Tom di Maggio, Laurent Sturm, Men.lu, Melt Studios,
Guy Hoffmann, Rore



Layout, Conception

Gemeng Schëffleng



Impression

Imprimerie Heintz



Tirage

5 000 exemplaires

Virwuert vum Buergermeeschter Le mot du bourgmestre	04
--	-----------

Retrospektiv | Rétrospective **06**

Straussefeier Haus A Kassen Fête du bouquet Maison A Kassen	07
Vereedegung vum Isabelle Solagna Assermentation d'Isabelle Solagna	08
Visitt vun Drusenheim zu Schëffleng Visite de Drusenheim à Schiffflange	09
1. Biergeratelier 1 ^{er} atelier participatif «apéro-citoyen »	10
Diplomiwwerreechung - parascolaire Aktivitéiten Remise de diplôme - activités parascolaires	11
Summerkiermes Kermesse d'été	12
GECT - Ënnerschrëft vun der Engagement-Charte GECT - signature de la charte d'engagement	13
Nei europäesch Schoul fir Schëffleng Nouvelle école européenne pour Schiffflange	14
Vereedegung vum neie Schäfferot Assermentation du nouveau collège échevinal	15
Expo: „Indésirables ? Victimes oubliées“	16
Open Air Kino	17
Vereedegung vum Myriam Gonçalves Assermentation de Myriam Gonçalves	18
Streikgedenkfeier Grève générale	19
Hierschtfest fir d'Senior·inn·en Fête d'automne pour les seniors	20
Aktioun Croissanten & Uebst Action croissants et fruits	21
Inauguratioun vum COPIL „LIAS – Uelzechtall“ Lancement du COPIL « LIAS – Uelzechtall »	22
Mobilitéits-Quiz a Vëlos-Aktivitéiten Quiz sur la mobilité et activités à vélo	23
Receptioun fir d'Veräiner Réception pour les associations	24
Sproochecoursen - Diplomiwwerreechung Cours de langues - remise de diplômes	25
Ausstellungen am Schëfflenger Konschthaus Expositions à la galerie d'art de Schiffflange	26

Neiegkeeten | Nouveautés **29**

Wusst Dir schonn...? Saviez-vous que ...?	30
Neie Biotop zu Schëffleng Nouveau biotope à Schiffflange	31
Ici commence la mer & Zéro Mégots	32
Foto Concours Concours photo	33

Save the date **34**

Save the Date Club Haus beim Kiosk	36
Teranga	38

Verschiedenes | Divers **40**

Youth - Rubrik Jugend	41
Info	46
Primen, Subventiounen a Formularen Primes, subventions et formulaires	49

Gemengerotssätzungen | Réunions du conseil communal **52**



Carlo Feiereisen

Buergermeeschter | Bourgmestre

LU — Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Et ass mir eng grouss Freed, lech an der Wanter Editioun vum Newsmag als neie Buergermeeschter vu Schëffleng ze begréissen.

Eise Gemengebuet weist, wéi lieweg eis Gemeng ass – mat gemeinsame Momenter an Initiativen, déi d'Zesummeliwe stäerken. D'Retrospektiv weist, wéi vill sech an de leschte Méint gedoen huet: mir hunn nei Memberen am Schäffen- a Gemengerot begréisst, hate vill flott Evenementer, vun der Summerkiermes bis zur Streikgedenkefeier, bis zur Ënnerschrëft vun der GECT-Charte. Mir hunn eis mat eiser Partnergemeng Drusenheim ausgetosch, eis Jugend gefeiert, nei Mobilitéits-Iddien diskutéiert an d'Konscht an d'Natur an eiser Gemeng an de Fokus gesat.

Déi nächst Méint stinn zu Schëffleng am Zeeche vun der kultureller Villfalt, dem sozialen Zesummeliwe an der nohalterger Entwécklung. Vun der Filmprojektioun am Kader vum Festival AlimenTerre bis zur Orange Week, vum Dag vum Bam bis zur Ausstellung „Les Vrais Hommes“, gëtt e breede Programm ugebueden, deen all Generatioun usprécht. Mat Concerten, Theater, der Visitt vum Kleeschen an eisem traditionellen Hobbymoart, ass fir jiddereen eppes dobäi.

Léiert an dësem Newsmag Schëffleng kennen – mat all senge Facetten, Talenter a Perspektiven. Loosst eis zesummen d'Zukunft vu Schëffleng gestalten – eng Gemeng, déi inklusiv a solidaresch ass, an där dat interkulturellt Zesummeliwe eng aldeeglech Realitéit ass.

FR— Chères concitoyennes, chers concitoyens,

C'est avec une grande joie que je vous accueille dans l'édition hivernale du Newsmag en tant que nouveau bourgmestre de Schiffflange.

Notre bulletin communal témoigne du dynamisme de notre commune – à travers des moments partagés et des initiatives qui renforcent le vivre-ensemble. La rétrospective illustre combien les derniers mois ont été riches : nous avons accueilli de nouveaux membres au collège échevinal et au conseil communal, célébré de nombreux événements, de la kermesse d'été à la commémoration de la grève, jusqu'à la signature de la charte du GECT. Nous avons échangé avec notre commune partenaire Drusenheim, mis à l'honneur notre jeunesse, discuté de nouvelles idées en matière de mobilité et placé l'art et la nature au cœur de notre commune.

Les prochains mois à Schiffflange seront placés sous le signe de la diversité culturelle, du lien social et du développement durable. De la projection d'un film dans le cadre du festival AlimenTerre à l'Orange Week, de la Journée de l'Arbre à l'exposition « Les Vrais Hommes », un programme varié s'adresse à toutes les générations. Concerts, théâtre, visite du Saint-Nicolas et notre traditionnel marché artisanal : chacun y trouvera son bonheur.

À travers ce Newsmag, découvrez Schiffflange dans toutes ses facettes, ses talents et ses perspectives. Ensemble, façonnons l'avenir de Schiffflange – une commune inclusive et solidaire, où le vivre-ensemble interculturel est une réalité quotidienne.



Retro-spektiv

LU — An dëser véierter Editioun vum Joer werfe mir zesummen e Bléck op déi spannend Evenementer an traditionell Rendez-vousen déi eis Gemeng an de leschte Méint a Woche gepräagt hunn. Mat Spannung freeë mir eis awer och op dat wat eis an den nächste Méint erwaart.

FR — Dans cette quatrième édition de l'année, nous vous proposons une rétrospective des événements significatifs des semaines et mois passés. Ensemble, célébrons les instants qui ont embelli notre vie locale.



27.06.2025

Straussefeier Haus A Kassen

Fête du bouquet Maison A Kassen

AMCIS - Video
Reportage

LU—De 27. Juni 2025 huet de Gemengerot op d'Straussefeier vum Haus A Kassen agelueden. D'Event huet ënner der Präsenz vun de Vertrieder vun der Gemeng an de Projektpartner stattfonnt – e symbolesche Moment, deem eist Engagement fir eng nohalteg Zukunft zu Schëffleng ënnersträicht.

Dëse Projet gesäit Follgendes am neie Gebai vir: dräi sozial Wunnengen ënner der Verantwortung vun der sozialer Organisatioun TELOS, Geschäfte, engem Gemeinschaftsraum fir Mammen a Puppelcher mat engem Educateurrice an engem medezinesche Cabinet. D'Gebai wäert och Veräiner aus der Gemeng ophuelen, dorënner de Schachveräin, de Video- a Fotoclub an de Gesangsveräin, mat engem Buvetteberäich um Rez-de-Chaussée.

Zousätzlech ginn all Flaachdiecher begrénzt, an den Daach vum technesche Schapp gött mat Solarpanneae bedeckt.



FR—Le 27 juin 2025, le conseil communal a invité à la fête du bouquet de la Maison A Kassen. L'événement s'est déroulé en présence des représentants de la commune et des partenaires du projet – un moment symbolique qui souligne notre engagement pour un avenir durable à Schiffflange.

Ce projet prévoit la construction d'un nouveau bâtiment qui hébergera : 3 logements sociaux à la charge de l'organisme social TELOS, des commerces, un espace commun pour mamans/bébés ainsi qu'un·e éducateur·rice et un cabinet médical. Le bâtiment accueillera également des clubs communaux, dont les échecs, les clubs vidéo et photo et la chorale, avec un espace buvette au rez-de-chaussée.

De plus, toutes les toitures plates seront végétalisées et la toiture du cabanon technique sera recouverte de panneaux solaires.

4.07.2025

Vereedegung vum Isabelle Solagna

Assermentation d'Isabelle Solagna



LU — Nodeems den Här Carlo Lecuit an der Gemengerotssitzung vum 20.06.2025 als Gemeengeconseiller verabschit gouf, ass de 4. Juli 2025 als Nächstgewielte vun der CSV-Lëscht, d'Madamm Isabelle Solagna a Präsenz vum Schäffen- a Gemengerot vum Buergermeeschter Paul Weimerskirch vereedegt ginn.

FR — Après la démission de M. Carlo Lecuit de son poste de conseiller communal lors de la séance du 20 juin 2025, la prochaine élue de la liste CSV, Mme Isabelle Solagna, a prêté serment le 4 juillet 2025 devant le bourgmestre Paul Weimerskirch et ce en présence des membres du conseil communal.



Visitt vun Drusenheim zu Schöffleng

Visite de Drusenheim à Schifflange

4.07.2025



FR — Schifflange & Drusenheim – 55 ans de jumelage

Le 4 juillet 2025, la Commune de Schifflange a eu le plaisir d'accueillir une délégation de la Ville de Drusenheim, située en Alsace, pour une journée de rencontre et d'échange dans le cadre de leur jumelage qui perdure depuis 55 ans.

La délégation drusenheimoise était conduite par le maire Jacky Keller, accompagné de ses adjoint·e·s. À leurs côtés, le bourgmestre Paul Weimerskirch, ses échevins et plusieurs membres du conseil communal de Schifflange ont partagé cette journée conviviale placée sous le soleil et la bonne humeur.

Le programme de la visite a permis aux participant·e·s de découvrir plusieurs lieux phares de la commune et la journée s'est conclue dans une ambiance chaleureuse à la galerie d'art locale, le Schöfflenger Kunschthaus.

Ces visites ne sont pas uniquement symboliques, elles incarnent le désir partagé de maintenir vivante une amitié solide depuis plus d'un demi-siècle et de renforcer les liens entre les deux communes au fil des années.



LU — Schöffleng & Drusenheim – 55 Joer Jumelage

De 4. Juli 2025 huet d'Gemeng Schöffleng mat Freed eng Delegatioun vun der Stad Drusenheim aus dem Elsass empfaangen op en Dag voller Austausch an Zesummenhalt am Kader vun hirem 55-järegem Jumelage.

D'Delegatioun vun Drusenheim gouf vum Buergermeeschter Jacky Keller geleet, begleet vu senge Schäff·inn·en. Zesumme mam Buergermeeschter vu Schöffleng, Paul Weimerskirch, senge Schäffen a verschidde Memberen aus dem Gemengerot, hunn si e sonnegen Dag an enger agreabeler Atmosphär zesumme verbruecht.

De Programm vun der Visitt huet et den Invitéen erméiglecht, verschidde wichteg Plazen an der Gemeng ze entdecken an den Dag gouf op enger sympathesch Nott am Schöfflenger Kunschthaus ofgeschloss.

Dës Visitte sinn net nëmmen e symbolesche Geste, mee si weisen de gemeinsame Wëllen, eng déif Frëndschaft ze erhalen, déi zanter méi wéi engem hallwe Joerhonnert besteet, an d'Verbindungen tëscht deenen zwou Gemenge weider ze stäerken.

1. Biergeratelier

1^{er} atelier participatif « apéro-citoyen »


6.07.2025

LU — Biergeratelier: Benevolat an interkulturell Begéinungen

D'Gemeng Schëffleng huet de 6. Juli hiren 1. Biergeratelier am Haus Teranga am Kader vum interkulturellen Zesummeliewen organiséiert. D'Evenement huet an enger frëndlecher Atmosphär stattfonnt, mat enger Begrëssung vum Här Buergermeeschter an enger Presentatioun vun de Gemengeberoder vum Familljeministère mam Zil de Benevolat ze stäerken an den interkulturellen Austausch tëschent Gemeinschaften ze fërderen.

E Spill fir d'Äis ze brieche huet direkt fir en oppent Klima gesuergt, wou d'Participant-inn-en aktiv matgemaach hunn. An dräi themateschen Atelierer hunn d'Bierger-inn-en zesummen Iddien entwéckelt, wéi een zu Schëffleng nach besser zesummekommen a wéi een d'Bedelegung vu Benevollen an den Engagement vun all de Schëfflenger Leit fërdere kann.

No dësem intensiven Austausch an der Virstellung vun de Resultater, gouf den Atelier mat engem Brunch a Cocktails ofgeschloss, déi fir entspaant Gesprécher an d'Entstoe vun neie Lienen tëscht de Participant-inn-e gesuergt hunn.



Zesummeliewen
GEMENGEPAKT



FR — Atelier-Citoyen : bénévolat et rencontres interculturelles

La Commune de Schifflange a organisé le 6 juillet son tout 1^{er} atelier participatif « apéro-citoyen » à la Maison Teranga dans le cadre du vivre-ensemble interculturel. L'événement s'est déroulé dans une atmosphère conviviale, avec un mot de bienvenue de monsieur le bourgmestre et une présentation des conseillers communaux du ministère de la Famille, ayant pour objectif de renforcer le bénévolat et les échanges interculturels entre les communautés.

Un jeu d'ouverture a permis de briser la glace et d'instaurer un climat d'écoute active. Lors de trois ateliers thématiques, les citoyen-ne-s ont élaboré des idées pour renforcer les liens à Schifflange, encourager l'engagement bénévole et favoriser la participation de tous-tes.

Après la présentation des résultats, l'atelier s'est clôturé par un brunch et des cocktails qui ont facilité les échanges détendus et la création de nouvelles connexions entre les participant-e-s.

7.07.2025

Diplomiwwerreechung - parascolaire Aktivitéiten

Remise des diplômes - activités parascolaires



LU—De 7. Juli 2025 huet an der Gemeng Schëffleng d'Diplomiwwerreechung fir d'parascolaire Aktivitéite stattfonnt, bei där d'Kanner fir hiren Engagement an dräi verschidde Beräicher ausgezeechent goufen: Musique à l'école, Informatique à l'école a Cours d'intégration.

Am Ganzen hunn 41 Kanner mat vill Freed a Motivatioun un dësen Aktivitéiten deelgeholl an hu fir hir Leeschtung en Diplom iwwerrecht kritt. Dës Initiativen droen dozou bäi, d'Kanner op spilleresch a pedagogesch Manéier ze fërderen, d'sozial Integratioun ze stäerken an hir Kompetenzen ausserhalb vum normale Schoulprogramm ze entwéckelen.

D'Gemeng Schëffleng gratuléiert all de Participanten häerzlech a seet de Betreierinnen an Enseignantéen e grouse Merci fir hiren Asaz.



FR—Le 7 juillet 2025, la Commune de Schifflange a organisé la cérémonie de remise des diplômes pour les activités parascolaires, au cours de laquelle les enfants ont été récompensés pour leur engagement dans trois domaines : Musique à l'école, Informatique à l'école et Cours d'intégration.

Au total, 41 enfants ont participé avec enthousiasme et motivation à ces activités et ont reçu un diplôme en reconnaissance de leurs efforts. Ces initiatives contribuent à encourager les enfants de manière ludique et pédagogique, à renforcer l'intégration sociale et à développer leurs compétences en dehors du cadre scolaire traditionnel.

La Commune de Schifflange adresse ses chaleureuses félicitations à toutes les participant·es et remercie sincèrement les encadrant·es et enseignant·es pour leur précieux engagement.

Summerkiermes

Kermesse d'été

11.07.2025



LU — Vum 11. bis de 14. Juli 2025 huet d'Fräiheitsplaz sech an eng lieweg Festplaz verwandelt, wou jonk a manner jonk sech gläichermoossen ameséiert hunn.

Mat verschidde Stänn wéi Intefëschchen, engem Karussell, e Sprangschlass, en Trampolin an engem Schéissstand war d'Freed grouss. Och kulinairesch war fir jiddereen eppes dobäi: Churros, Séissegkeeten a lecker Platen aus dem Foodtruck.

FR — Du 11 au 14 juillet 2025, la Place de la Liberté s'est transformée en un véritable terrain de fête pour petits et grands.

Entre pêche au canard, carrousel, château gonflable, trampoline et stand de tir, les rires ont fusé autour des stands de jeux. Les gourmands ont pu savourer des churros, des confiseries et des délices du foodtruck dans une ambiance conviviale, marquant ainsi un week-end inoubliable placé sous le signe du partage et de la bonne humeur.



15.07.2025

GECT - Ënnerschrëft vun der Engagement-Charte **GECT - Signature de la charte d'engagement**



LU—De 15. Juli war e wichtege Moment fir de GECT (Groupement Européen de Coopération Territoriale) Alzette Belval an déi 13 Mëmbërgemengen, déi sech am Schëfflenger Konschthaus versammelt hunn, fir eng Engagement-Charte z'ënnerschreiwën, déi der Opwäertung vu grenzüwwerschreidenden Associatiounsprojeten gewidmet ass.

Dës Initiativ ënnersträicht de gemeinsamen Engagement fir d'Zesummenaarbecht tëscht franséischen a lëtzebuergeschen Associatiounen ze stäerken – mat engem formelle Kader, konkreten Instrumenter an enger méi grousser Visibilitéit.

Dës wichtege Moment bestätegt nach eng Kéier d'Engagement vum GECT fir een Europa ze schafen, dat oppen, kooperativ an zukunftsorientéiert ass.

FR—Le 15 juillet a marqué une étape significative pour le GECT (Groupement Européen de Coopération Territoriale) Alzette Belval et les 13 communes membres, réunis à la galerie d'art Schëfflenger Konschthaus pour signer une charte d'engagement dédiée à la valorisation des projets associatifs transfrontaliers.

Cette initiative illustre la volonté commune de renforcer la coopération entre associations locales françaises et luxembourgeoises, en leur offrant un cadre formel, des outils concrets et une visibilité accrue.

Ce moment fort réaffirme l'engagement du GECT en faveur d'une Europe des territoires ouverte, coopérative et résolument tournée vers l'avenir.

Nei europäesch Schoul fir Schëffleng

Nouvelle école européenne pour Schifflange

16.07.2025



Méi Infoen
Plus d'infos



LU — De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend huet zesumme mat der Gemeng Schëffleng eng Pressekonferenz organiséiert iwwert déi nei europäesch Schoul déi zu Schëffleng soll gebaut ginn.


D'Demande am Süde vum Land ass grouss an de Site zu Schëffleng „op de Fléierchen“ gëtt domat déi drëtt Plaz nieft Déifferdeng an Esch an déi siwent Plaz am Land, wou esou eng öffentlech europäesch Schoul entsteet.

D'École internationale Differdange-Esch gouf 2016 gegrënnt – zënterhier huet de Grand-Duché säi Réseau vun öffentlechen europäesche Schoule progressiv ausgebaut.

FR — Le ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, en collaboration avec la Commune de Schifflange, a organisé une conférence de presse pour annoncer la création d'une école européenne à Schifflange.

La demande dans le sud du pays est forte. Le site de Schifflange « op de Fléierchen » deviendra ainsi la 3^e école publique européenne aux côtés de celles de Differdange et d'Esch-sur-Alzette et la 7^e au niveau national.

L'EIDE a ouvert ses portes en septembre 2016, marquant le début d'un réseau d'écoles européennes publiques au Luxembourg.



Vereedegung vum neie Schäfferot

Assermentation du nouveau collège échevinal

24.07.2025

LU — No de Gemengewale vum 11. Juni 2023 hunn zu Schëffleng déi zwou Parteien LSAP an CSV sech drop gëeenegt, eng Koalitioun ze bilden, fir de Schäfferot fir déi nächst sechs Joer zesummen ze leeden. E besonnesche Punkt vum Koalitiounsaccord 2023-2029 ass, datt d'Amt vum Buergermeeschter gedeelt gëtt. No zwee Joer huet de laangjärege Buergermeeschter Paul Weimerskirch (CSV) Plaz fir de Carlo Feiereisen (LSAP) gemaach, deen deemno dëst Amt säit dem 1. August iwwerholl huet. D'Madame Nadine Kuhn-Metz ass fir hien am Schäfferot nogeréckelt.

Aus dësem besonnesche Grond goufen d'Schäffen den Donneschdeg, de 24. Juli 2025, vum Inneminister Léon Gloden vereedegt.

De Schäfferot setzt sech elo wéi follegt zesummen:

- Buergermeeschter - Carlo Feiereisen (LSAP)
- Éischte Schäffen - Marc Spautz (CSV)
- Schäffe - Rizo Agovic (LSAP)
- Schäffin - Nadine Kuhn-Metz (CSV)

FR — À la suite des élections communales du 11 juin 2023, les partis LSAP et CSV ont convenu de former une coalition à Schifflange afin de diriger conjointement le collège échevinal pour les six prochaines années. Une particularité de l'accord de coalition 2023-2029 réside dans le partage de la fonction de bourgmestre. Après deux ans, Carlo Feiereisen a repris cette fonction le 1er août 2025 et Paul Weimerskirch s'est retiré en tant que bourgmestre. Madame Nadine Kuhn-Metz lui a succédé au sein du collège échevinal.

En raison de cette particularité, les échevins ont prêté serment le jeudi 24 juillet devant le ministre des affaires intérieures Léon Gloden.

Le collège échevinal se compose comme suit :

- Bourgmestre - Carlo Feiereisen (LSAP)
- Premier échevin - Marc Spautz (CSV)
- Échevin - Rizo Agovic (LSAP)
- Échevine - Nadine Kuhn-Metz (CSV)



Expo: „Indésirables ? Victimes oubliées“

28.07.2025

LU — De Vernissage vun der Ausstellung „Indésirables ? Victimes oubliées“ huet den 28. Juli an der Gemeng Schëffleng stattfonnt. Den Owend gouf duerch d'Begrëssungswuert vum Buergermeeschter Paul Weimerskirch ageleet, ier e sech mat enger Ried vum Frank Schroeder, Direkter vum Musée National de la Résistance et des Droits Humains, fortgesat huet. No engem offrëierte Patt huet de Jérôme Courtoy, Historiker a Pédagog vum Musée a Gemengerotsmember zu Schëffleng, eng guidéiert Visitt ugebueden.

Dës Ausstellung huet déi manner bekannte Geschicht vu marginaliséierte Gruppen erfuerscht, déi während der Nazi-Besatzung zu Lëtzebuerg verfollegt goufen an huet d'Leed vun deene Mënschen an de Mëttelpunkt gestallt, déi als „aneschters“ ugesi goufen. Mat Liewensgeschichten a pädagogeschen Outilen huet si d'Visiteuren-sen dozou ugereeget, iwwer Virurteeler an eiser Gesellschaft nozedenken a se mat engem kritesche Bléck ze betruechten, souwuel am historeschen ewéi och am Kader vun eiser haiteger Zäit.



FR — Le vernissage de l'exposition « Indésirables ? Victimes oubliées » s'est tenu le 28 juillet à la Commune de Schifflange. La soirée a débuté avec le mot de bienvenue du bourgmestre Paul Weimerskirch, avant de se poursuivre avec le discours de Frank Schroeder, directeur du Musée National de la Résistance et des Droits Humains. Après un verre d'honneur, Jérôme Courtoy, historien et pédagogue au musée, ainsi que conseiller communal pour la Commune de Schifflange a procédé à une visite guidée.

L'exposition a exploré l'histoire méconnue de groupes marginalisés persécutés pendant l'occupation nazie au Luxembourg. Elle a mis en lumière les souffrances des personnes perçues comme « différentes » à travers des récits de vie et des outils pédagogiques. Ainsi, elle a invité les visiteurs-euses à réfléchir sur les préjugés dans notre société et à les examiner avec un regard critique, tant dans une perspective historique que contemporaine.



Open Air Kino

29. & 30.08.2025



LU Den 29. August war d'Tribün vum Fussballterrain fir den Open Air Kino mat Kanner an hir Eltere gefëllt. Zesummen hunn si de Film Paddington in Peru, mat leckere Snacks a Popcorn genoss.

Den Dag drop, den 30. August war et dann un de Fans vum Tom Cruise. Hei konnten si direkt dräi Stonne laang hire liiblings Schauspiller am Film Mission Impossible 8 kucken.

Mir soen all deene Merci, déi mat eis zesummen zwee flott Owender ënnert Fräiem Himmel verbruecht hunn.

FR Le 29 août, la tribune du terrain de football s'est remplie d'enfants et de leurs parents pour le cinéma en plein air. Ensemble, ils ont profité du film Paddington in Peru, accompagné de délicieux snacks et de popcorn.

Le lendemain, le 30 août, c'était au tour des fans de Tom Cruise. Pendant trois heures, ils ont pu admirer leur acteur préféré dans Mission Impossible 8.

Un grand merci à toutes celles et ceux qui ont partagé avec nous deux magnifiques soirées sous le ciel ouvert.



Vereedegung vum Myriam Gonçalves

Assermentation de Myriam Gonçalves

29.08.2025



LU__Vereedegung vun der neier Conseillère Myriam Gonçalves

Nodeems de Paul Weimerskirch op den 1. August 2025 als Conseiller vum Gemengerot demissionéiert huet, ass den 29. August 2025 als Nächstgewielte vun der CSV-Lëscht, d'Madamm Myriam Gonçalves a Präsenz vu verschidde Membere vum Schäffen- a Gemengerot vum Buergermeeschter Carlo Feiereisen vereedeegt ginn.

Mir wënschen dem Myriam eng glécklech Hand bei der Ausübung vu sengem Mandat.

FR__Assermentation de la nouvelle conseillère Myriam Gonçalves

Suite à la démission de Paul Weimerskirch de son poste de conseiller communal avec effet au 1^{er} août 2025, Myriam Gonçalves, suivante sur la liste CSV, a été officiellement assermentée le 29 août 2025 par le bourgmestre Carlo Feiereisen en présence de plusieurs membres du collège échevinal et du conseil communal.

Nous souhaitons à Myriam beaucoup de succès et de discernement dans l'exercice de son mandat.

Streikgedenkfeier

Grève générale

31.08.2025

LU — Den 31. August huet de Schäffen- a Gemengerot op den 83. Gebuertsdag vun der Streikgedenkfeier invitéiert fir den Affer vum Generalstreik vun 1942 ze gedenken. D'Feierlechkeeten hunn a Presenz vum Minister Mischo, ancien Buergermeeschter vun der Stad Esch, Verrieder vun der Ligue Luxembourgeoise des Prisonniers et Déportés politiques, den Enrôlés de force, dem Syndicat d'Initiative et de Tourisme, de Gewerkschaften a Veräiner, esou wéi dem Musée de la Sidérurgie „De Schmelzaarbechter“ stattfonnt.

Mat der Kranznidderleeung zu Esch/Uelzecht hunn d'Festivitéiten zesumme mat der Stad Esch an ënnert der Regie vun der Amicale Schmelzaarbechter-Musée ronderëm de Präsident Alain Günther den Ufank gemaach.

Dono ass et virum Monument am Park Léonie Koullen zu Schëffleng weidergaangen, a genau ewéi virun 83 Joer, wou d'Aarbechter zum Streik opgeruff gi sinn, ass um Punkt 18:00 Auer d'Sireen gaangen. A senger Usprooch huet de Buergermeeschter Carlo Feiereisen betount, datt ni soll vergiess ginn, wat geschitt ass, an datt een déi Leit éiere soll, déi sech fir Fridden a Gerechtegkeet staark gemaach hunn.



AMCIS
Video
Reportage



FR — Le 31 août 2025, le collège échevinal, accompagné du conseil communal de la Commune de Schifflange, ont commémoré le 83^e anniversaire de la grève générale de 1942. Des représentants de la Ligue Luxembourgeoise des Prisonniers et Déportés Politiques, des Enrôlés de Force, du Syndicat d'Initiative et de Tourisme, des syndicats, des associations, ainsi que du Musée de la Sidérurgie ont pris part aux festivités, en présence du Ministre Mischo, ancien bourgmestre de la ville d'Esch-sur-Alzette.

La cérémonie a débuté par un dépôt de gerbes à Esch-sur-Alzette, en partenariat avec la Ville d'Esch et sous le patronage de l'Amicale Schmelzaarbechter-Musée, présidée par Alain Günther.

Les festivités se sont poursuivies devant le monument au parc Léonie Koullen à Schifflange, avec le déclenchement de la sirène à 18:00 heures. Le bourgmestre Carlo Feiereisen a insisté, dans son discours, sur l'importance de ne jamais oublier le passé et d'honorer ceux qui se sont battus pour la paix et la justice.



Hierschtfest fir d'Senior-inn-en

Fête d'automne pour les seniors

11.09.2025

LU — Organiséiert vun der Gemeng Schëffleng, zesumme mat der Seniorekommissioun, war dëse speziellen Nomëtteg a gemittlecher Atmosphär geduecht fir zesummen den Hierscht ze feieren.

Obschonn d'Zilpublikum eis léif Senior-inne-e vu Schëffleng waren, war jidderee wëllkomm fir mat ze feieren. Et war vun allem dobäi: vu Spaghetti mat Bolognesezooss, enger vegetarescher Optioun a Séisses bis hin zu enger musikalescher Begleedung vum DJ Serge. Während der Feier konnten eis Gäscht och mol an d'Konschthaus lusse goen an eng flott Ausstellung entdecken.

Genau fir den Ufank vun der Feier huet et opgehal mat Reenen an trotz bedecktem Himmel war d'Begeeschterung grouss, sou datt vill gelaacht a gepotert an dëst Fest zu engem flotten Erleefnes ginn ass.



Fotogalerie
Galerie photo



FR — Organisé par la Commune de Schiffange, en collaboration avec la commission des seniors, cet après-midi spécial s'est déroulé dans une ambiance conviviale pour célébrer ensemble l'arrivée de l'automne.

Bien que le public cible fût nos chers-ères seniors de Schiffange, tout le monde était le bienvenu pour participer à la fête. Il y en avait pour tous les goûts : des spaghettis à la sauce bolognaise, une option végétarienne, des douceurs sucrées, le tout accompagné musicalement par le DJ Serge. Pendant la fête, les invité-e-s ont également eu l'occasion de découvrir une belle exposition à la galerie d'art « Schëfflenger Konschthaus ».

Juste au début de la fête, la pluie s'est arrêtée, et malgré un ciel couvert, l'enthousiasme était au rendez-vous. Les rires et les échanges chaleureux ont transformé cette fête en une expérience mémorable.



Aktioun Croissants & Uebst

Action croissants et fruits

16.09.2025

LU—Am Kader vun der europäescher Mobilitéitswoch, huet d'Gemeng Schëffleng, zesumme mat der Ëmweltkommissioun op dësem Moie Croissants an Uebst un d'Leit verdeelt déi mam ëffentlechen Transport awer och zu Fouss oder mam Vëlo ënnerwee waren.

D'Gemeng Schëffleng an d'Ëmweltkommissioun soen lech Merci fir Äre Bäitrag zur nohalteger Mobilitéit.

FR—Dans le cadre de la Semaine européenne de la mobilité, la Commune de Schifflange, en collaboration avec la commission de l'environnement, a distribué ce matin-là des croissants et des fruits aux personnes qui se déplacent en transports publics, à pied ou à vélo.

La Commune de Schifflange et la commission de l'environnement vous remercient pour votre contribution à une mobilité durable.



EUROPEAN
MOBILITY
WEEK



Info
Transport

Inauguratioun vum COPIL „LIAS – Uelzechtdall“

Lancement du COPIL « LIAS – Uelzechtdall »

17.09.2025



LU—De 17. September 2025 huet de Minister Serge Wilmes vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit zu Schëffleng am Brill den 8. Comité de Pilotage Natura 2000 mam Numm „LIAS – Uelzechtdall“ offiziell ageweit. Dës Comitéen hunn als Zil, d'Efforten am Naturschutz ze koordinéieren an dobäi déi lokal Realitéiten – ekologesch, ekonomesch a sozial – ze berücksichtegen.

De COPIL „LIAS – Uelzechtdall“ bréngt eng grouss Diversitéit u Partner zesummen: Ministère, Verwaltungen, 13 Gemengen dorënner Schëffleng, Baueren, Fierschter, ONGen, interkommunal Syndikater an Organisatiounen aus dem Tourismus. Dëse partizipative Modell erlaabt eng gemeinsam Gestioung vun den 12 Natura 2000-Sitten an der Regioun, opgedeelt a speziell Schutz- a Conservatiounszonen.



D'Regioun vum LIAS, tëscht der Stad Lëtzebuerg an dem Minett, ass räich u wäertvollen natierlechen Habitater. D'Agrarfläch mécht 60 % vun der Regioun aus, meeschtens privat, an d'Bëscher decken ongeféier 30 %. Dës natierlech Milieue sinn essenziell fir d'Vullefauna an d'Biodiversitéit a verlaangen eng nohalteg a gemeinsam Gestioung.

FR—Le 17 septembre 2025, le ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité Serge Wilmes a inauguré au Brill de Schifflange le huitième comité de pilotage Natura 2000, baptisé « LIAS – Uelzechtdall ». Ces COPILs visent à coordonner les efforts de protection de la nature tout en tenant compte des réalités locales – écologiques, économiques et sociales.



Le COPIL «LIAS – Uelzechtdall » réunit une large diversité d'acteurs : ministères, administrations, 13 communes dont celle de Schifflange, agriculteurs, forestiers, ONG, syndicats intercommunaux et organismes touristiques. Ce modèle participatif permet une gestion concertée des douze sites Natura 2000 de la région, répartis entre zones de protection spéciale et zones de conservation.

La région du Lias, entre Luxembourg-ville et le Minett, abrite une mosaïque d'habitats précieux. L'agriculture y occupe 60 % des terres, majoritairement privées, tandis que les forêts couvrent environ 30 %. Ces milieux naturels, essentiels pour l'avifaune et la biodiversité, nécessitent une gestion durable et collaborative.



**Info
Natura 2000**



Mobilitéits-Quiz a Vëlos-Aktivitéiten

Quiz sur la mobilité et activités à vélo

20.09.2025



FR — Le 20 septembre, des activités pour petits et grands ont eu lieu à Schiffflange dans le cadre de la Semaine européenne de la mobilité. Malgré la chaleur intense, de nombreuses familles se sont rassemblées pour participer aux différentes animations. Les plus jeunes ont pu s'amuser sur le parcours de Bobby-Car, une manière ludique d'apprendre comment les espaces publics peuvent être utilisés pour la mobilité lorsqu'ils ne servent pas de parkings. En parallèle, la Maison des jeunes a collaboré avec les enfants pour dessiner des panneaux de signalisation à la craie et leur en expliquer la signification – une belle combinaison d'apprentissage et de plaisir.

LU — Den 20. September hunn zu Schëffleng, fir Kleng a Grouss, Aktivitéiten am Kader vun der Europäescher Mobilitéitswoch stattfonnt. Trotz der intensiver Hëtzt hu sech vill Familljen afonnt fir un de verschiddenen Aktivitéiten deelzehuelen. Déi Kleng konnte sech um Bobby-Car-Parcours austoben, wou si op spilleresch Aart a Weis geléiert hunn, wéi ëffentlech Plazen och fir Mobilitéit genotzt kënnen ginn, wa se net als Parkplaz déngen. Gläichzäiteg huet d'Jugendhaus zesumme mat de Kanner kreativ Signalisationsschëlde mat Kräid gemoolt an hinnen dës erkläert – eng flott Kombinatioun vu Léieren a Spaass.



Fir déi Grouss war de Mobilitéits-Quiz eng spannend Erausfuerderung. Hei konnten d'Participant-inn-en hiert Wëssen iwwert d'Mobilitéit ënner Beweis stellen an haten d'Chance, e

fonkelneie Vëlo ze gewinnen. Am neie Parkhaus huet de Vëlosclub LP07 Schëffleng e Parcours ugebueden, wou jidderee mat sengem eegene Vëlo konnt matmaachen. Dës Aktivitéit war net nëmmen eng sportlech Erausfuerderung, mee och eng Geleeënheet fir den neie Parking ze entdecken.

E grouse Merci geet un d'Ëmweltkommissioun fir hiren Engagement beim Parkhaus a während der ganzer Mobilitéitswoch.



Pour les plus grands, le quiz sur la mobilité représentait un défi passionnant. Les participant·es ont pu tester leurs connaissances sur le thème de la mobilité et tenter de gagner un vélo tout neuf. Dans le nouveau parking, le club cycliste LP07 Schiffflange a proposé

un parcours accessible à tou·tes à vélo. Cette activité était autant sportive, qu'une occasion de découvrir les nouvelles infrastructures.

Merci à la commission de l'environnement pour son soutien dans le cadre du nouveau parking et tout au long de la semaine de la mobilité.



Receptioun fir d'Veräiner

Réception pour les associations

24.09.2025



Video
Reportage



**Zesumme
Liewen**
GEMENGEPAKT

LU — En Owend vum Austausch an Engagement

De 24. September 2025 huet d'Gemeng déi Schëfflenger Veräiner op eng Receptioun invitéiert, fir déi nei Zesummesetzung vum Schäfferot a vum Gemengerot virzestellen. Gläichzäiteg gouf och den neie Sportskoordinator offiziell virgestallt. Dësen Owend war eng Geleeënheet fir all d'Veräiner – kulturell, sportlech oder sozial – ënnert engem Daach zesummenzekommen.

Nieft den offizielle Presentatiounen huet dës Versammlung den Austausch tëscht de Veräinsvertrieder an de Gemeengeverantworteche gefërdert. Si huet dozou bäigedroen, d'Verbindungen ze stäerken, de benevollen Engagement ze valoriséieren an d'Grundlag fir eng nei Form vu Kooperatioun am Déngscht vum lokale Liewen ze leeën.

D'Gemeng Schëffleng wëll weiderhin hir Veräiner ënnerstëtzen an all zesummen un enger solidarescher Zukunft schaffen.

FR — Une soirée d'échange et d'engagement

Le 24 septembre 2025, la Commune de Schiffflange a convié les associations locales à une rencontre afin de présenter la nouvelle composition du collège échevinal et du conseil communal. À cette occasion, le nouveau coordinateur sportif a également été officiellement présenté. Cette soirée a offert une opportunité précieuse de réunir toutes les associations – culturelles, sportives ou sociales – sous un même toit.

Au-delà des présentations officielles, cette rencontre a favorisé les échanges entre les représentants associatifs et les responsables communaux. Elle a contribué à renforcer les liens, à valoriser l'engagement bénévole et à poser les bases d'une nouvelle forme de coopération au service de la vie locale.

La Commune de Schiffflange souhaite continuer à soutenir ses associations et œuvrer ensemble pour un avenir solidaire.



**Schëfflenger
Veräiner
Associations
locales**

Sproochecoursen - Diplomiwwerreechung

Cours de langues - remise de diplômes

2.10.2025



LU Den 2. Oktober 2025 huet de Buergermeeschter Carlo Feiereisen a Presenz vun de Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot a vun der Schoulkommissioun d'Éier gehat d'Diplomer un d'Participant-einne vun de Lëtzebuergesch an Englesch Sproochecoursen ze verginn.

109 Leit, mat 32 verschidden Nationalitéiten, haten sech fir d'Coursen ugemellt. Vun dëse Participant-innen krute 56 Persounen e Certificat iwwerreecht.

D'Gemeng Schëffleng felicitéiert all Participant-einne fir hiren Engagement.

FR Le 2 octobre 2025, le bourgmestre Carlo Feiereisen, en présence des membres du collège échevinal, du conseil communal et de la commission scolaire, a eu l'honneur de remettre les diplômes aux participant-e-s des cours de luxembourgeois et d'anglais.

109 personnes de 32 nationalités différentes se sont inscrites aux cours. Parmi elles, 56 ont reçu un certificat.

La Commune de Schifflange félicite tou-te-s les participant-e-s pour leur engagement.




Video
Reportage



Ausstellungen am Korschthaus

Expositions à la galerie d'art

3.05 - 31.05.2025



LU__ Wild Femmes Narratives

Mat „Wild Femmes Narratives“ huet d'Schëfflenger Korschthaus déi ënnerschiddlech Fraebiller thematiséiert, mam Fokus op Expressioun, Identitéit a Stäerkt.

D'Kënschtlerinne Lis Prussen, Josiane Ginter an Nicole Huberty hu mat hire Wierker gewise wei vilssäiteg mir als Mënsche sinn an och de Verweis op d'Natur an eis all gemaach an déi domat verbonnen Natierlechkeet vum Mënsch. Si hunn op den Zesammenhang tëscht individueller a Kollektiver Erfahrung higewisen, wat de Visiteur deementspreechend beréiert huet.

Iwwer déi feminin Narrativen eraus huet d'Ausstellung eng Reflexioun ugestouss iwwer d'mënschlech Existenz, iwwer d'Verletzlechkeet, d'Stärkt, d'Distanz an d'Proximitéit, souwéi iwwer d'Sich no Sënn a Verbonnenheet.

FR__ Wild Femmes Narratives

Avec « Wild Femmes Narratives », le Schëfflenger Korschthaus a mis à l'honneur une représentation diversifiée de l'image de la femme. Les artistes Lis Prussen, Josiane Ginter et Nicole Huberty ont montré à travers leurs œuvres la connexion entre la nature en tant qu'être humain et l'Être humain. Elles ont surtout mis en avant la relation entre l'expérience individuelle et l'expérience collective, ce qui a touché les visiteurs.

Au-delà des récits féminins, l'exposition a initié une réflexion sur la condition humaine, sur la vulnérabilité, la force, la distance, la proximité et la quête de sens et d'appartenance.



7.06 - 5.07.2025



LU — Geschichten aus dem déiwe Süden

„Geschichten aus dem déiwe Süden“ war net nëmmen eng Ausstellung, mee e Raum fir Erënnerungen. D'Kënschtler Rol Steimes a Jhang Meis hunn am Schëfflenger Konschthaus Wierker presentéiert, déi den Alldag an d'Geschicht vum Süde vu Lëtzebuerg erzielen. Hir Biller a Skulpturen ziele vun der Vergaangenheet mee awer och dem zäitleche Wandel vum Minett, vun intime Liewenserfahrungen an, awer och dem, wat an d'kollektiv Erënnerung iwwer gaangen ass. D'Iddi war et dem Publikum déi Kraaft vun dësem Deel vu Lëtzebuerg spierbar ze maachen, dee vun Transformatioun, Migratioun a Solidaritéit geprägt ass, déi bis haut um Territoire nowierken an eis Realitéit haut nach mat formen.

FR — Histoires du profond Sud

« Histoires du profond Sud » n'était pas seulement une exposition, mais également un endroit pour la mémoire. Les artistes Rol Steimes et Jhang Meis ont présenté leurs œuvres au Schëfflenger Konschthaus. On a pu y découvrir des récits relatifs au sud du Luxembourg, ainsi que des témoignages personnels et intimes évoquant le quotidien, des images et des sculptures illustrant le passé, ainsi que l'évolution de notre région de la Minett, tout en mettant en lumière les éléments qui demeurent gravés dans la mémoire collective. L'objectif était de démontrer au public la puissance de cette région, marquée par des changements, de la solidarité, de la migration, qui ont encore des conséquences sur le territoire et la réalité actuelle.



12.07 - 13.09.2025



LU — Casse-Dalle

Am Summer huet d'Schëfflenger Konschthaus fir d'Éischt seng Diere fir jonk Talenter opgemaach an ee Raum geschaf an deem Konscht a Kultur an den Dialogen triede konnten. Zwoelf jonk Kënschtler LASCAR, GIAMBA, Alain Welter, Charlie Holper, Anne-Sophie Loos, Thierry Harpes, Thomas Lloyd, Florence Everling, Nelly Mendonça, Gauthier Salvi, Ave Cleesen a Marie Welter – hunn all ee Stéck vun hirer Konscht an Aart d'Welt ze gesi matbruecht an zesummen däitlech gemaach, wéi Konscht zugläich den Erausforderunge vun haut entgéint steet awer och wat hir Stärkt ass: D'Fragilitéit an d'Ofhängegkeet vum Kontext, mee awer och d'Fäegkeet Distanz ofzebauen, d'Mënschen ze verbannen a Communautéit erliefbar ze maachen.



FR — Casse-Dalle

L'exposition « Casse-Dalle » a ouvert l'été 2025 au Schëfflenger Konschthaus, un lieu où la consommation, l'art et la communauté se sont croisés. Douze artistes – LASCAR, GIAMBA, Alain Welter, Charlie Holper, Anne-Sophie Loos, Thierry Harpes, Thomas Lloyd, Florence Everling, Nelly Mendonça, Gauthier Salvi, Ave Cleesen et Marie Welter – ont chacun élaboré une approche individuelle pour s'interroger sur le quotidien pour le transformer en langage artistique. L'exposition a montré que l'art apporte à la fois des défis et des forces telles que la fragilité et les différents points de vue, mais également sa capacité à créer de la proximité, à ouvrir des perspectives et à sensibiliser la communauté.





Neieg- keeten

LU — Är exklusiv Informatiounsquell iwwert déi lescht Entwécklungen an eiser Gemeng. Mir halen Iech au courant iwwert déi rezent Chantieren, Changementer oder Neiegkeeten zu Schëffleng. Informatiounen, déi e wichtege Lien mat eiser Gemeng hunn, fannt Dir an dëser Sektoun.

FR — Votre source d'informations exclusive sur les développements les plus récents au sein de notre commune. Explorez cette section pour découvrir les chantiers en cours, les changements, ainsi que d'autres informations importantes liées à Schiffflange.





Wousst Dir schonn...

LU... datt d'Schëfflenger Gemeng zanter dem 1. Oktober e Sportskoordinator huet? De Philip Michel ass vun elo un den Uspriechpartner fir all Fro ronderëm de Sport zu Schëffleng.

D'Zil vum neie Sportkoordinator ass et, all Bierger a Biergerin ze erméiglechen, sportlech Aktivitéiten an hiren Alldag z'intégréieren. Dobäi sollen den Zougang, d'Participatioun an Diversitéit am Mëttelpunkt vun der Offer stoen. Lokal Acteure ginn zesummebruecht, fir zesummen e kommunalen Aktiounsplang fir Sport a Beweegung auszeschaffen, deen de Besoine vun der Gemeng an hire Bierger a Biergerinne Rechnung dréit.

Saviez-vous...

FR... que la Commune de Schiffflange dispose, depuis le 1^{er} octobre, d'un coordinateur sportif ? Philip Michel est désormais votre interlocuteur pour toute question relative à la pratique sportive.

Le nouveau coordinateur sportif a pour mission de donner la possibilité à toute-s les citoyen-ne-s d'intégrer l'activité physique dans leur quotidien, en favorisant l'accès, la diversité et la participation. L'objectif est de créer des liens étroits entre les acteurs locaux afin de construire ensemble un plan communal d'activités sportives adapté aux besoins réels de la commune et des citoyen-ne-s de Schiffflange.



Philip MICHEL



+352 54 50 61 - 420



sports@schiffflange.lu

Neie Biotop zu Schöffleng

Nouveau biotope à Schiffflange



LU—Liewensraum fir Amphibien an Insekten

Zu Schöffleng entsteet en neie Biotop, deen der Biodiversitéit zu gutt kënnt. Op der Plaz „Op Motzdréisch“ huet SICONA en neie Weier ugeluecht, mat enger Fläch vu 7,6 Ar. Dobäi kënnt en Ofsetzbaseng vun 3,9 Ar an eng Furt fir d'Landwirtschaft, fir e Waasseriwergank ze garantéieren.

Dëse Weier ass speziell als Liewensraum fir Amphibien an Insekten geduecht a stellt e wichtegen Schrëtt an der Vernetzung vun eisen natierlechen Biotopen duer.

Eng weider Etapp fir d'Zukunft vun der Natur zu Schöffleng.

FR—Un habitat pour les amphibiens et les insectes

La biodiversité bénéficie d'un nouveau biotope en cours de création à Schiffflange. Sur le site « Op Motzdréisch », SICONA a aménagé une nouvelle mare de 7,6 ares. Elle est complétée par un bassin de décantation de 3,9 ares et un gué destiné à l'agriculture pour assurer le passage de l'eau.

Cette mare est conçue comme un habitat naturel pour les amphibiens et les insectes, et représente une étape importante dans le maillage écologique de nos biotopes.

Une nouvelle avancée pour l'avenir de la nature à Schiffflange.

Ici commence la mer & Zéro Mégots

LU Am Kader vun eisem Engagement fir eng nohalteg Entwécklung an eng Verbesserung vum lokale Liewensraum, kämpft d'Gemeng Schëffleng aktiv géint d'negativ Auswierkunge vum Net-Recycléiere vun Zigarettestëmp. Well een eenzege Stomp bis zu 500 Liter Waasser verschmotze kann, wann en an d'Kanalisation geréit, ass et wichteg, dës Problematik eescht ze huelen.

An dësem Kontext huet d'Gemeng rezent zéng Sensibiliséierungsmacaronen mat der Opschrëft „Ici commence la mer“ (Hei fänkt d'Mier un) bei verschiddenen Gullien um Gemeindegebitt installéiert. D'Zil ass et, d'Awunnerinnen op d'Wichtigkeet opmierksam ze maachen, hir Stëmp net op de Buedem ze geheien, mee se an déi speziell virgesi Bornen ze recycléieren.

